

Ob mer elo ze vill Choix hunn oder net genuch Choix bei eise Sektoune – mir forcéiere keen, op eng nei Sektoun ze goen. Also, all Schüler kann nach ëmmer op eng A-, B-, C-, D- an E- an F-Sektoun goen, wann en dat da wënscht, wann en also mengt, dat wär dat, wat him géif leien. Ech muss awer soen, datt ech ganz dacks héieren hunn: „Ech hunn déi do Sektoun gewielt, well déi an déi an déi eigentlech net a Fro komm si fir mech, well déi mer näischt gesot hunn.“ An emol éierlech, wéi ass et net esou gaangen? An zanterdem mer awer eng Rei vun neie Sektoune hunn, begéinen ech awer och ëmmer ganz vill Leit, déi soen: „A, déi dote Sektoun, déi hätt ech awer warscheinlech gewielt, wann et se bei mir scho ginn hätt.“

Duerfir mengen ech awer, datt et net esou falsch ass, deen dote Wee ze goen an a Fonctioun vun den Interessien, vun den Talenter a vun der Motivatioun vun de Schüler och am klasschesche Lycée eeben deementsprechend Sektoune unzibidden. Datt dat eng Erausforderung mat sech bréngt duerno am Domän vun der Orientatioun, ass evident. An do musse mer natierlech kucken, datt mer déi Offere bekannt maachen, och bekannt maache bei deene Schülerinnen a Schüler, déi se vläicht net an hirem eegene Gebai hunn, jo, a mir sollen och kucken, datt mer landeswäit eng Offer hunn, déi equivalent ass.

Hei hu mer Sektoune, zwou vun deenen dräi op d'mannst, déi wierklech d'Initiativ vun de Schoule sinn. Bei där drëtter, der P-Sektoun, war de Ministère nach éischter de Motor, well mer gesot hunn: Do brauche mer elo eppes. An duerfir hu mer direkt och do an dräi Schoulgebaier jo gestart. Déi aner komme jee weils aus enger Schoul. An d'Reegel, déi mer deene Schoulen awer och wëllen zougestoen, soe mer mol esou, dat ass, datt mer dräi Joer da waarden, éier mer se duerno opmaachen an aner Lycéeën se dann och kënnen offréieren, fir datt se sech emol fest etabléiert huet, och an deem Lycée, wou mer se dann op d'mannst lancéiert hunn an och do eng éischte Kéier d'Expéienz gemaach hunn – ech mengen, dass och d'Expéienz vum Premièrsexame wäertvoll ass –, éier aner Lycéeën do géifen nozéien.

Hei ass elo probéiert ginn, iergendwéi sou un dësem Sujet ze zéien an ze spekuléieren a mol Vermuddungen unstellen, datt et tëscht CSV an DP hei eng Divergence de vues géif ginn. An eisem Regierungsprogramm stinn zwou Saachen heizou:

Et steet do, datt mer déi besteeënd Sektoune – an déi heite fonctiönéiere jo schon um Terrain, mir schafen elo eigentlech eppes Definitives, wat als Pilotprojet scho geschafe gouf – landeswäit iwwerall wëilten ubidden, fir datt mer eng equivalent Offer hunn. Dee Saz steet an eisem Regierungsprogramm. A mat dësem Gesetz maache mer dat haut.

An eisem Regierungsprogramm steet och, datt mer e Pilotprojet géife lancéieren, fir eeben ze kucken, ob mer an eisem klasschesche Lycée d'Sektoune kënnen ersetzen duerch e System vu Walfächer, wéi mer en zum Beispill an Nopeschlänner hunn, wéi mer en zum Beispill och an den Europaschoulen hunn. Och dee Saz steet an eisem Regierungsprogramm. Béid Sätz sinn aus dem Walprogramm vun enger vun deenen zwou Parteien, an et ass net dee vu menger Partei, well ech Iech soen. Also haalt wannechgelift op, hei kënschtlech e Gruet wëllen ze entdecken, deen et eigentlech esou net gëtt!

Une voix | Très bien!

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech si frou, trotz deene klunge Spillereien do, datt et awer méi eng breet Zoustëmmung hei zu deem Projet gëtt. Fir mech

ass et nach eng Kéier wichteg, datt mer net nëmmen am klasschesche Lycée, mee och am General eng breet Offer hu fir méi Schülerinnen a Schüler, déi mer jo och hunn. An dat solle mer ausnotzen, fir domadder eise System a Fonctioun vun hiren Interessien an hirer Motivatioun kënnen weiderzeentwéckelen.

Villmools merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Den Här Polidori wëll Iech eng Fro stellen. Wëllt Der se unhuelen?

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech kucken emol, wat et ass.

(Hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Jo, nee. Wa se bis gestallt ass, wär et gutt, wann Der se géift beäntweren. Här Polidori.

M. Ben Polidori (Piraten) | Merci. Ech hätt just nach eng Verständnissfro. Dir hutt elo gesot zu de Sektoune R an N ... Déi si jo aktuell schon an zwee Lycéeën schon disponibel. Ech hu jo richteg verstanen, dass déi déi nächst dräi Joer mol just an deene Lycéeën wäerte sinn, bevür Der se wëllt ausbauen op aner Lycéeën.

M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech hu gesot, datt de Grondprinzip, dee mer normalerweis deene Lycéeën zougestinn, déi mat esou Initiative kommen – an dat ass schon eng Aarbecht, do sëtzen Enseignanten net nëmme Stonnen, mee Deeg a Woche beieneen, bis dat dote steet –, deen ass, datt si déi Offer als Offere unique während dräi Joer kënnen maachen. Elo leeft déi Zäit awer do schon, well Dir wësst, datt dat doten als Projet d'innovation pédagogique scho virun engem Joer respektiv virun zwee Joer lancéiert gouf, soudatt déi dräi Joer sech vun deem Moment u rechnen, soudatt an engem Joer respektiv an zwee Joer dann och aner Lycéeën dat dote kéinten ubidden.

Ech wëll och soen, dat ass net onbedéngt eppes, wat e Lycée elo vun haut op muer ka maachen. Mir hu bewosst déi Lycéeën, déi d'P-Sektoun ronderëm d'Geeschteswëssenschaften ubidden, esou erausgesicht, datt een och Enseignanten huet an deene Fächer, déi dat kënnen enseignéieren. Also ass och do schon eng gewësse Preparatioun dann noutwendeg, fir déi Enseignanten an esou enger Schoul ze hunn an dat da lues a lues kënnen opzebauen, soudatt dräi Joer och an deem Sënn absolutt räsonabel sinn.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wäeren d'Diskussiounen zu dësem Projet ofgeschloss.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8375. Den Text steet am Document parlementaire 8375.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8375 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen bei 5 Abstentiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par M. Paul Galles), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar,

Marc Spautz, Charel Weiler (par M. Maurice Bauer), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana) ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Ben Polidori), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

10. 8371 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 8371, d'Émsetze vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Unerkennung vun de Qualifikatiounen vun den Infirmiëren, déi a Rumänien ausgebilt goufen. Ech erënnere Iech drun, datt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert dëse Projet de loi ofgestëmmt gëtt. An de Rapporteur huet 5 Minuten.

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Digitalisation

M. Gérard Schockmel (DP), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, tatsächlech: Bei dësem Projet de loi geet et ëm d'Gesetz vum 28. Oktober 2016 betreffend d'Unerkennung vun de professionnelle Qualifikatiounen. Et geet ëm eng punktuell Upassung a si betrëfft de Paragraf 2 Artikel 33 vun dësem Gesetz.

Den 21. Mee dëst Joer hu mir dëse Projet presentéiert kritt an der Kommissioun an den 18. Juni 2024 huet d'Kommissioun de virleende Rapport ugeholl.

Wourëm geet et? Et geet ëm d'Berufsausbildung vun de rumäneschen Infirmiëren, déi a Rumänien dispenséiert gëtt. Bis elo war et esou, datt si hu missen nowiesen, datt si an deene leschte fënnf Joer während dräi Joer hannerteneen déi Formatioun gemaach hunn. Dat war allerdéngs e bëssen enk gefaasst an dofir ass an Tëschenzäit eng Mise à niveau komm, déi eigentlech d'Equivalenz mat deem doten hierstellt. Entsprechend ass dann och déi europäesch Direktiv geännert ginn a mir wäerten elo déi Direktiv ëmsetzen an eist Gesetz, an dat am Paragraf 2 vum Artikel 33.

Et gouf eng Partie Avisen. Den Avis vum Staatsrot, vun der Chambre des Salariés, vum Collège médical, vun der Chambre de Commerce, vum Conseil supérieur de certaines professions de santé, an déi Avisen waren alleguerter favorabel.

Wat sinn elo d'Konsequenzen heivun? Andeem och déi Mise à niveau direkt unerkannt gëtt, kënn et zu enger administrativer Vereinfachung, well eng Infirmière aus Rumänien kann dann direkt sech bewerben fir eng Autorisation d'exercice beim Ministère de la Santé a si muss net virun hir Formation unerkenne loosse vum Héichschoulministère. Dat heescht, doduerch entsteet eng administrativ Vereinfachung. Dat anert, wat ass: Et ännert sech net ganz vill hei zu Lëtzebuerg, well mir ware scho mat änlechen Dossiere konfrontéiert a si sinn eigentlech ëmmer ugeholl ginn. Voilà. Also et ass eng punktuell Upassung, et ass eeben och eng Transposition vum enger europäescher Direktiv. Si huet keng dramatesch Konsequenzen, awer si vereinfacht eis administrativ Ofleef.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Schockmel, fir Äre mëndlechen a fir Äre schrëftleche Rapport. Wann d'Regierung nach wëllt d'Wuert huelen, dann hätt se fënnf Minutten Zäit.

(Négation)

Ech gesinn, datt dat awer net de Fall ass.

Prise de position du Gouvernement

Mme Stéphanie Obertin, Ministre de la Recherche et de l'Enseignement supérieur | Nee, ech géif Merci soen, wann dës Projet de loi géif Är Zoustëmmung fannen. Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister. Da wär d'Diskussion domadder ofgeschloss.

An da géinge mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8371 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8371⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8371 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Domat ass de Vott dann ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, also och keng Nee-Stëmm an och keng Abstention. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen (par M. Laurent Mosar), Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par M. Paul Galles), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler (par Mme Stéphanie Weydert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten (par M. Dan Biancalana), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par Mme Taina Bofferding) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic (par M. François Bausch), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen), Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

11. 8380 – Proposition de modification des articles 102, 104 (2) et 105 (1) du Règlement de la Chambre des Députés relative aux nouveaux projets d'infrastructure dans le cadre du débat sur la politique financière et budgétaire

A mir schléissen dës Sëtzung vum de Mëtteg mam Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement 8380 of iwwert d'Erhéijung vum Seuil, deen am Artikel 102 vum Chambersreglement virgesinn ass iwwert déi nei Infrastrukturprojeten. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht, dat heescht, de Rapporteur huet 10 Minutten, déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitäten hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Corinne Cahen, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Alexandra Schoos, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert, déi de Rapporteur vum Ännerungsvorschlag vum Chambersreglement, den honorabelen Här Charel Weiler, hei ersetzt. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Stéphanie Weydert (CSV), en remplacement de M. Charel Weiler (CSV), rapporteur | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi virleied Propos fir d'Modifikatioun vum Chambersreglement huet hiren Ursprung an Diskussionen, déi während der Reunion vum der Kommission fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten den 29. Februar 2024 gefouert goufen. Dës Diskussionen bezéie sech op eng Ännerung vum e puer Bestëmmunge vum Kapitel 3, „Débat sur la politique financière et budgétaire“, „Nouveaux projets d'infrastructure“, d'Artikelen 102 bis 105 vum Chambersreglement.

D'Propos gouf de 7. Mee 2024 vum der honorabelen Deputéierter Corinne Cahen agereecht. D'Conférence des Présidents huet dës Propos den 8. Mee un d'Reglementskommission verwisen. D'Kommission huet d'Text vum der Propos an hirer Reunion vum 5. Juni analyséiert an diskutéiert an den honorabelen Deputéierter Charel Weiler als Rapporteur nominéiert. De Rapport gouf eestëmmeg an der selwechter Reunion ugeholl.

Well den Här Weiler haut aus privaten Ursaachen verhénnert ass, hei ze sinn, huet hie mech gebieden, de Rapport a senger Plaz ze presentéieren.

Plusieurs voix | Très bien!

Mme Stéphanie Weydert (CSV), en remplacement de M. Charel Weiler (CSV), rapporteur | An dëser Propos fir d'Modifikatioun vum Chambersreglement geet et drëms, de Seuil fir nei Infrastrukturprojeten no uewen unzepassen, fir esou der Präisdeierecht Rechnung ze droen. Bedéngt duerch d'ekonomesch Situation, hu mer leider aktuell ëmmer nach eng stänneg Präissteigerung ënner anerem am Beräich vum der Constructioun.

Den Artikel 102 vum Chambersreglement gesäit vir, datt d'Regierung d'Chamber all Joer spëtstens den

30. Juni mat enger Lëscht mat prioritären Infrastrukturprojeten, déi vum Staat solle realiséiert ginn an den nächste Joren, saisiéiert.

Den aktuelle Seuil fir d'Käschte vum dësen Infrastrukturprojeten läit bei 10 Milliounen Euro a gëtt mat dëser Upassung op 30 Milliounen Euro erhéicht. Ouni d'Upassung vum Seuil un d'Entwécklung vum de Präisser géif d'Zuel vum de Projeten, fir déi d'Chamber muss saisiéiert ginn, weesentlech an d'Luucht goen. Infrastrukturprojete mat engem globale Wäert iwwer 15 Milliounen Euro, awer manner wéi 30 Milliounen Euro, mussen vum der Regierung an der zoustänneger parlamentarescher Kommission presentéiert ginn a vum der Kommission analyséiert ginn.

Am Gesetz vum 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie de l'État gouf d'lescht Joer schonn déi néideg Upassung gemaach, fir de Seuil vu 40 op 60 Milliounen Euro eropzesetzen. Do muss elo eréischt ab 60 Milliounen Euro e speziell Gesetz gemaach ginn, fir en ëffentlechen Infrastrukturprojet oder en ëffentlech Gebai ze realiséieren. Dat war och d'Basis fir d'Diskussionen an der Kommissionssitzung, fir d'Seuilen am Chambersreglement unzepassen.

Zum Schluss gesäit dës Modifikatioun vir, am Artikel 104 Paragraf 2 de Sazdeel „et dont la Chambre demande l'inscription dans la loi budgétaire“ ze sträichen. D'Ursaach hefir ass, datt déi vum Parlament autoriséiert Projeten net all am Budgetgesetz opgeholl ginn. An der Praxis betrëfft dat nëmme déi Projeten, déi iwwert de Fonds vum ëffentlechen Investitiounen finanziéiert ginn, de Stroosfong an de Schinnefong. Projeten, déi vum Fonds Belval a vum Fong fir d'Aarbechte realiséiert ginn, ginn duerch d'Kreditter vun engem Joer vun engem oder méi Budgetartikelen aus dem Budget vum de Kapitelausgaben net am Budgetgesetz opgeholl, mee gi bei der Adoptioun vum enger Motioun duerch d'Chamber autoriséiert.

Ech bieden Iech also, dës Propos matzeënnerstëtzen, fir eist Reglement un déi aktuell ekonomesch Realitéiten unzepassen. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Discussion générale

An dann doen ech elo meng Kap als Spriecherin vum der CSV-Fraktioun un an ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport. An dann ass déi éischt ageschriwwen Riederin d'Madamm Corinne Cahen.

Mme Corinne Cahen (DP) | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech géing och der Rapportrice villmools Merci soen. Ech mengen, si huet dat gutt resuméiert, wat mer decidéiert hunn. Ech géing och gären als Presidentin vum der Mobilitéits- a Bautekommission de Memberen, all de Memberen aus där Kommission, Merci soen.

Dat war eng ganz konstruktiv Diskussion. A mir waren ons allegueren eens, mengen ech, dass mer dee Seuil wëilten an d'Luucht setzen, einfach un d'Inflatioun och upassen, fir dass mer hei an der Chamber och just nach am Plenum iwwert déi grouss Infrastrukturprojete schwätzen. Netdestotz wäerte mer awer och weiderhi vum der Ministesch d'Infrastrukturprojeten, déi manner wéi 30 Milliounen kaschten, an der Kommission presentéiert kréien. Dat wollte mer esou an der Kommission an dofir wäert dat och esou geschéien.